

Discours Pot des Présidents 2023

Luc Meyer, Président de la Fédération des Artisans

Seul le discours prononcé fait foi

Dir Dammen an Hären Minister, Députéiert an Buergermeeschter,

Dir Dammen an Hären aus de Verwaltungen an aus dem monde économique

Léif Frënn vum Handwierk,

Zesummen mat mengem Kolleeg Tom Oberweis ass et mir eng besonnesch Freed Iech um Pot des Présidents vun der Chambre des Métiers an der Fédération des Artisans begrüessen ze dierfen.

Et ass iech bestëmmt opgefall. De Pot des Présidents, wat traditionell den Neijoersempfang vum Handwierk war, ass dëst Joer an d' Fréijoer geréckelt.

De Januar ass ze kuerz fir all deenen Nejoers-Empfäng a Receptiounen eng Plaz ze bidden. Dofir hunn mir decidéiert de Rendez-vous mam Handwierk ëm e puer Méint ze réckelen, wann erëm bëssen Loft an den Agenda 'en ass.

Dobaussen erwëscht d'Natur. Deeg ginn méi laang a vläit sinn mer alleguer méi monter an oppen fir sech an engem Waljoer vun der enger oder anerer Iddie oder Propositionen inspiréieren ze loosser.

D'Chambre des Métiers an d'Fédération des Artisans hunn an dem Kontext verschidden Proposen fir e staarkt Handwierk ausgeschafft a mir haten schon Geleeënheet dës Virschléi mat de Parteien ze diskutéieren.

Dofir erlaabt mir den Owend méi op dat Atmosphärescht anzegoen.

Dir Dammen an Hären,

Dir wësst et, mir sinn hei am Haus vum Handwierk. En Haus wat vill vun Iech gutt kennen.

D' Handwierk zu Lëtzebuerg, dat sinn 8.500 Betriber mat 100.000 Mataarbechter an domat sinn mir de gréissten Employeur am Land.

Daat ass d' Statistik, déi mer all kennen.

Hannert deenen Statistiken, do geet et ëm d' Léit. Do sinn Fraen a Männer, déi sech mat hirem Handwierk beruflech selbstänneg gemat hunn. Do sinn Familljen wou eng Generatioun no der anerer eng Traditioun weider féiert. Do ginn et kompetent an engagéiert Salariéen, déi hier Karriär am Handwierk maachen.

Am Handwierk geet et drëms fir Zukunft ze gestalten. Logement an Infrastrukturen. Transition énergétique a Mobilitéit. Nohalteg a lokal Liewensmëttelproduktioun, Gesondheet a Bien-être.

Bei all deenen Chantier 'en ass d' Handwierk gefuerdert.

Als Secteur sinn mir staark, well mer heterogen sinn, well mer breet opgestallt sinn, well mer séier a flexibel op d'Demande reagéieren kënnen.

Dausenden vun klengen Betriber, déi iwverall am Land hier Produit'en an Zerwisser offréieren an fir Aarbechtsplazen suergen.

Dir Dammen an Hären,

Et ass dat Zesummespill vun ville klengen Betriber aus de verschiddensten Aktivitéiten wat d'Handwierk als Secteur staark a resilient mëscht.

Dat heescht awer och, dass en Handwierksbetrib an der Reegel e klenge Betrib ass. An der Moyenne sinn et 12 Léit. En Equipe vun 12 Léit, fir genuch produktiv Stonnen ze leeschten, vun deenen de Betrib liewt. 12 Léit fir Opträg ze kréien, Projet'en ze begleeden, d'Finanzen am Grëff ze hunn. 12 Léit fir e stäteg wuessenden administrativen Opwand ze stemmen.

Dir Dammen an Hären,

Denkt elo eng Kéier kuerz un är Betrib, är Organisatioun, är Verwaltung a stellt iech d'Fro wéi dir et géift maachen fir mat 12 Léit déi ganz Bandbreet vun Aufgaben z'erfëllen...

„Et geet net“, so der vläit.

Dir Dammen an Hären,

„Et geet net.“ „Et geet net méi.“ Daat ass de Message, den mer vun ëmmer méi klenge Patron 'en kréien.

A mir gesinn dee Phänomen och um Terrain. „Quiet Quitting“ gëtt et net just bei Salariéen. Kleng Betriber, déi einfach ophalen ouni dass dat an de Statistik vun de Faillitten optaucht. Betriber, déi opkaaft ginn well de Patron d' Handdunch werft. De Chef d'entreprise, deen sech seet: „Majo dann ginn ech och elo bei d' Gemeng oder bei de Staat.“

Wann mer net ELO ufänken bei all Gesetzer un eis kleng Betriber zu denken wäerte mer een aneren Tissu économique kréien. En tissu économique mat, op der enger Säit, de Patron deen mat sengem Gesell mëscht wat e kann, an op der anerer Säit, den Handwierksbetrib mat e puer honnert Léit a méi.

Dir Dammen an Hären,

Daat ass net d' Handwierk, wat mir brauchen fir déi aktuell Défien unzegoen. Daat ass net d' Handwierk, dat mir eis wënschen.

Mir sinn an engem Waljoer an et freet eis, dass vill Fraen a Männer, déi Verantwortung an hirer Partei droen den Owend bei eis komm sinn an sech fir d'Handwierk interesséieren.

Wann Dir iech vun dësem Owend eppes zur Häerz huelen sollt, dann ass et dësse Message: „Loosst eis schaffen“ – „Loosst jiddereen schaffen, dee well schaffen.“

Dir Dammen an Hären,

Schaffen, dat maachen Betriber zesummen mat hiere Léit. E Betrib, deen seng Mataarbechter net gutt behandelt, ass haut net méi liewensfäheg. Dat ass eng Tatsaach. Et ass och eng Tatsaach, dass e Betrib, den net produktiv a rentabel schafft, och net liewensfäheg ass.

Et ass e fundamentaalt Interessi vun all Chef d'entreprise senge Léit déi beschten Aarbechtskonditiounen ze bidden, déi realistesch méiglech sinn. Mir brauchen dofir keng Gewerkschaften, déi eis dat soen.

Eis Betriber mussen attraktiv sinn, produktiv a rentabel fir dass se kennen investéieren an sech fir Zukunft opstellen.

Daat ass den Defi, deen sech all Chef d'entreprise haut stellen muss an et ass keen einfachen Defi.

Lëtzebuenger PME'en, hors secteur financier, sinn déi mannst rentabel a ganz Europa. Daat ass e Problem.

Nëmmen e Staat, deen eng staark Economie huet, kann e staarke Sozialsystem finanzéieren. Genau esou kann just e Betrib, deen rentabel ass, a seng Léit investéieren.

Do musse mer drun schaffen.

Lëtzebuerg feelt et un qualifizierter Main d'œuvre an allen Secteuren. Eng Stellschrauw, déi mer nie benotzt hunn ass d' Produktivitéit. Mat manner Ressourcen méi maachen. Dat ass zu Lëtzebuerg e groussen Tabu.

Do musse mer och drun schaffen.

D'Aarbeschtswelt ass am Wandel. Och am Handwierk. D'Aarbescht ass kierperlech manner usprochsvoll ginn, mais dofir deelweis mei komplex.

Privatliewen vun eis alleguer ass méi komplizéiert ginn. Mir liewen an enger héich individualiséierten Gesellschaft, wou jiddereen seng Aspiratiounen huet, seng Virstellung vun Aarbecht a Wärter déi em wichteg sinn.

De strukturelle Wandel op der Aarbescht an de Wandel an de Käpp probéiere mer mat engem Aarbechtsrecht z'encadréieren dat aus enger Zäit kennt, wou d' Léit entweder an enger Fabrik geschafft hunn oder an der Landwirtschaft.

Natierlech soll de Salarié virun Abus'en geschützt sinn, mais entretemps hunn mir d'Aarbeschtsrelatiounen esou wäit gesetzlech festgeklappt, dass individuell Léisungen an engem Sektor oder besser nach an engem Betrib de facto net méiglech sinn.

Betriber an Salari'éen sinn Demandeur fir méi Flexibilitéit ze hunn. Bis elo huet Politik dorop reagiert fir ëmmer nei Formen vun Congé oder Zorten vun "net Aarbescht" anzeféieren an dat dann als Flexibiliséierung ze verkafen. Dat ass awer leider Etikettenschwindel.

D'Aarbeschtsrelatiounen mussen um niveau approprié zesummen mat de Salariéen decidéiert ginn. Do ginn Léisungen fonnt, déi den Uspréech vun enger moderner Gesellschaft an enger zukunftsfaeger Aarbechtswelt gerecht ginn.

Zur Propose vun der LSAP fir déi gesetzlech Aarbechtszäit erofzesetzen ass mengen ech alles gesot ginn. An engem Kontext vun feelender main d'oeuvre, feelenden Wunnengen, feelender Mobilitéit, feelender Kompetitivitéit, stagnéierender Produktivitéit elo unilateral d'Aarbeschtszäit erofzesätzen ass eng fragwürdeg Proposition.

Fir d' Handwierk ass dat keng Optioun an ech mengen fir all politesch Kraaft, déi och a Walkampzfäiten iwwert d'Konsequenzen vun hiere Fuerderungen nodenkt och net.

Dir Dammen an Hären,

Den 8. Oktober gëtt eng nei Chamber gewielt an Parteien preparéieren de Rendez-vous andeems se un Programmer schaffen.

Iwwert d'Fro eraus wat fir eng Partei wat fir e Resultat mëscht, stellt sech déi méi generell Fro: Wat sinn d'Enjeu'en vun dese Walen?

Et brauch en wuel net ze ënnersträichen a wat fir engem besonneschen a beonrouegenden Kontext mir eis haut beweegen.

Pandemie, Inflation, Krich an Europa a Lëtzebuerg matten dran.

Mir sinn der Meenung, dass dës Walen ënnert aneren Virzeechen stinn, wéi déi Walen virdrun an dass et och em aner Enjeu'en geet.

An de leschte Joren hat een d'Impressioun, dass breet Deeler vun der Politik an de Verwaltungen sech net fir déi wirtschaftlech a finanziell Grondlagen vun eisem Wuelstand interesséieren.

Suen sinn do. Suen waren nach ëmmer do. Doriwwer brauche mer eis keng Gedanken ze maachen.

Dir Dammen an Hären,

As dat wierklech esou a Steen gemeesselt?

Et well keen et héieren, mais zu Lëtzebuerg liewen mer enger Wuelstandsblos. Mir hunn eis un déi Blos gewinnt. Mir sinn esou un eis Blos gewinnt, dass mer se mol net méi gesinn. Et ass eis Normalitéit. Lëtzebuerg an engem groussen Deel vun de Awunner geet et gutt. Mir sinn dorun gewinnt dass et eis gutt geet. Mir huelen et als selbstverständlech un, dass et eis gutt geet. Mir kloen op héijem Niveau an denken net drun, dass sech déi Situatioun eng Kéier kéint änneren.

Dir Dammen an Hären,

D'Situatioun ass am gaang sech ze änneren.

Déi Wuelstandsblos schwieft net am lofteidele Raum. Mir stinn a Konkurrenz zu aneren Ekonomien. Mir müssen konkurrenzfäeg bleiwen. Mir müssen agil sinn a Chancen notzen. Dat sinn Notiounen, déi am politeschen Débat mol guer net méi firkommen.

Leider schenkt sech och a politesche Kreesser d' Meenung ze verbreedden, dass mer op d'Ekonomie an op déi béis Betriber verzichten, awer gläichzäiteg de Wuelstand behalen kéinten.

D'ekonomesch Aktivität vum Wuelstand entkoppelen ass eng léif gemengte Idee, mat der een de Léit schéin Geschichten zielen kann. Mais an der plakescher Realitéit riskéiere mer riicht an d'Mauer ze knuppen, wann mer net erëm Ufänken eis fir eis Finanzplaz z'interesséieren. Net erëm ufänken eis fir dat steierlecht Ëmfeld vun de Betriber z'intéresséieren. Eis dofir z'interesséieren, ob Betriber zu Lëtzebuerg nach funktionéiere kennen oder net.

Et géif zur Eierlechkeet gehéieren, dem Wieler ëmmer déi ganz Geschicht ze zielen. Et géif zur Eierlechkeet gehéieren, dem Wieler och mol eppes zouzemmuden. Och virun de Walen.

Dir Dammen an Hären,

An eisen Aen ass de Moment komm den Autopilot auszeschalten a fir de Realitéiten mol erëm an d'Aen ze kucken.

Parteien müssen sech net just dozou positionéiere wéi mer de Kuch gerecht a sozial verdeelen, mais och dozou wéi de Kuch an engem ëmmer méi komplexen a konkurrenzuellem Ëmfeld soll gebak ginn.

A mir müssen eis erëm fir déi Léit interesséieren, déi de Kuch baken.

Dofir géife mir eis e kloert Bekenntnis zur Ekonomie an zu eiser Finanzplaz wënschen. Mir wëssen, dass d'Finanzplaz fir Lëtzebuerg am Moment déi strategesch Viraussetzung ass, fir bal alles wat mer um finanziellen, gesellschaftlechen an soziale Plang zu Lëtzebuerg maachen oder eben net maachen kënnen.

Bis elo gëtt et keng credibel Alternativ, déi eis de Wuelstandsniveau, deen mer kennen, och nëmmen usatzwei géif erhalen.

Dovir verlaangt d'Handwierk eng Diversifizierungspolitik déi d'Wirtschaft laangfristeg stärkt, déi et erméiglecht dat Lëtzebuerg sech réindustrialiséiert am Hibleck op nei innovativ Produktiounen an Dingschtleschtungen, wou d'Handwierk als een staarken Partner seng Platz huet an sech weider entwéckelt.

Diversifizierung heescht awer och d'Innovatioun am Handwierk boosten an déi regional Wirtschaftaktivitäten besser vernetzen, am Sënn vun enger gréisserer Autonomie.

Dir Dammen an Hären,

Lëtzebuerg steet virun villen Erausforderungen.

De Klimawandel an Transition énergétique, mat der mer probéieren dësem Phänomen ze begéinen, ass een dovun.

D' Regierung huet sech an deem Kontext ambitiéis Ziler gesat an eis Ekonomie an eis Gesellschaft soll bis 2050 klimaneutral ginn.

D'Handwierk, a virun allem Betriber aus dem Equipement Technique, dem Bau an der Mobilitéit spillen dobäi eng aktiv Roll.

Fir eis heescht Transition énergétique en Challenge am Beräich vum Rekrutement, am Beräich vun der Formatioun an der Formation continue an natierlech bei den Investissementen.

Op all deenen Dossier'en gëtt aktiv geschafft an mir sinn zouversichtlech, dass d'Handwierk säin Beitrag wäert leeschten.

Mir begréissen och Tatsaach, dass d'Propose vum Handwierk opgegraff gouf fir all Akteuren op enger gemeinsamer Plattform zesummen ze bréngen. Mat der Initiativ "Klimapakt fir Betriber" hun mer eng Plattform wou mer d'Transition énergétique vun de Betriber gestalten a begleeten kënnen.

Dat ass eng babylonesch Aufgab matt enormen Investitiounen, déi Betriber net aleng stemmen kënnen.

Et ass awer net just eng Aufgab fir Betriber. Mir müssen eis och d'Fro stellen, ob d'Politik, de Staat, Gemengen prett sinn fir des Transitioun um Niveau vum legalen Kader, der

Administratioun, de Genehmigungsprozeduren an der Gouvernance mat der néideger Vitesse virunzedreiwien oder op mannst emol zouzeloossen.

Dir Dammen an Hären,

Mir fäerten, dass Diskrepanz tëscht der Urgence wat d' Léit an wat Betriber alles musse maachen, an dem Preparatiounsgraat vun der éffentlecher Hand e bëssen auserneen driften.

Hei wieren eng Portioun manner Ideologie an zwou Portiounen méi Realismus an Pragmatismus net falsch op der Plaz.

Mir wëllen mol guer net un der Determinatioun vun der Regierung oder vun der Politik allgemeng zweifelen. Mir stellen awer fest, dass all kéiers wann d'Regierung een Arbitrage tëscht Kafkraaft a Klima muss maachen d'Kaafkraft ëmmer méi wichteg ass. Ech erënnere un déi lescht Tripartiten, wou d'Patronat déi eenzeg waren, déi iwwerhaupt klimatesch Considératiounen an Spill bruecht haten.

Dir Dammen an Hären,

Eis Positioun zum Index kënn dir. Mir sinn fir eng progressiv Lounpolitik, déi d'Léit motivéiert a Leeschtung belount. D'Paien un de Präis vun fossillen Energien ze bannen an e System deen d'Schéier tëscht de klengen an den décken Paien strukturell ëmmer méi auserneen dreift, fanne mir – an domat sinn mer net aleng – keng gutt Idee.

Mir sinn och iwwert déi vill Denkverbueter erstaunt, déi Politik sech selwer operleet. Iwwer vill Themen, déi Zukunft vum Land massgeblech beréieren, därf net geschwat ginn, well notamment den OGB-L dat net wëll.

Dir Dammen an Hären,

Mir sinn och erstaunt iwwert den lähmenden Afloss vun dëser Gewerkschaft op d'Politik. Et kann jo net sinn, dass eng Gewerkschaft decidéieren kann iwwert wat geschwat gëtt an iwwer wat net. Pour rappel. 80 Prozent vun de Salari'en, déi zu Lëtzebuerg schaffen hunn dem OGB-L hier Stëmm bei den Sozialwalen NET ginn.

Ech géif eis am Ëmgang mat gewerkschaftlechen roude Linnen ee besseren Equiliber an e bësse méi Souveränitéit wënschen.

Et gëtt Zäit de Primat vun der Politik erëm spillen ze loossen. Dat gëllt allgeméng och fir Tripartite, virun allem well jidferen gesäit, dass et engem Partner exklusiv ëm Lounfuerderungen geet an gläichzäiteg all Verantwortung fir den nationalen Interêt an dat grousst Ganzt formell vun sech weist.

Tripartite ass e Kriseninstrument. Op der lëschter Tripartite Ufank März sinn Decisiounen geholl ginn fir d'Inflatioun esouwäit ofzebremse fir dass net e puer Indextranche beieneen erfaalen. Dat begrëisse mir natierlech. Tëscht der Indextranche, déi elo am Abrëll erfällt an der Indextranche, déi Enn Januar d'nächst Joer wierksam gëtt an enger potenzieller Indextranche, déi dann Enn 2024 erfaale kéint, léien 8 oder méi Méint.

Trotzdem gëtt een d'Gefill net lass, dass et bei dëser Tripartite an deenen Rendez-vous'en virdrun méi drëms geet den Index ze retten, wéi dem Land ze hëllefen an d'Léit mat klenge Salairen, vun deene mer esou vill schwätzen, duerch d'Kris ze kréien.

Pour rappel. Och d'Upassung vun der Steiertabell stäerkt virun allem d'Kaafkraft vun de Léit mat den décke Paien. Esouvill zum Mantra vun de Gewerkschaften, dass Sozialpolitik net iwwert den Index gemat gëtt, mais iwwert d'Steieren.

Et gëtt oft kritiséiert, d'politesch Mesuren zu Lëtzebuerg wieren onselektiv.

Dir Dammen an Hären,

Déi meescht Decisiounen, déi d' Regierung, och op Bedreiwen vun de Gewerkschaften hellt, sinn ganz selektiv. Nämlech en Faveur vun de Léit, deenen et souwisou schonns gutt geet a vill hun.

Dann nach ee Wuert zu der konjunktureller Lag am Handwierk.

No der läschter Tripartite hat een d'Impressioun, dat d'Politik just nach d'Meenung vertritt, all d'Problemer wieren geléist.

Grad de Contraire ass de Fall. Eis kleng a mëttelgrouss Betriber sinn enger grousser Ongewëssheet ausgesat an vill Patrons'en fäerten em hier Existenz.

Dir musst Iech bewusst sinn, wat et heescht, wann quasi d'halschend vun de Handwierker am Bau een Carnet de commande vu manner ewéi 3 Méint hun.

Des Betriber sinn ab dem Summer ouni Opträg, well kaum nei Projets'en ulafen a souzesoen een Baustopp existéiert. Falls et eventuell sollt besser goen bis an d'zweet Halschend vum Joer, wat keen vun eis weess, brauch et dann och op mannst ee Joer bis d'Betriber vum Parachèvement erëm vum Ëmschwong profitéieren kënnen.

Ee Joer ouni Opträg ... eng Situatioun déi mer hei zu Lëtzebuerg esou nach net kann hunn. Eng Period deemno, wou d'Existenz vun villen Betriber um Spill steet an speziell d'Aarbechtsplätzen, an dat an Zäiten, wou dës Leit an den nächsten Joer am Handwierk gebraucht wäerten ginn.

Verschidden Leit schwätzen vun enger "Berengegung vum Moart". Dat ass een Affront fir all déi Familljebetriber, déi responsabel gefouert ginn an elo Opfer vun dem Ëmstänn solle ginn.

Mir maachen dofir een Appell un d'Politik, dës akut Problematik als eng politesch Prioritéit ze erkennen an dëser mat de néidegen Mesures'en ze begéinen. Et geet drëms zesummen mat dem Secteur den Terrain ze preparéieren fir den Emploi, an domadden och den Knowhow an d'Servicer ze fir d'Zukunft ze erhalen.

Dir Dammen an Hären,

De Logement ass zu Lëtzebuerg allgemeng problematesch. Mir bauen ze wéineg Wunnengen aus all de Grënn déi mer kënnen. Mir bauen vill ze wéineg virun allem wann mer bedenken, dass mer all Joer 12.000 zousätzlech Léit an d'Land kréien.

Zu dëser struktureller Knappheet, kennt elo nach eng konjunkturell Knappheet dobäi. Amplaz vun den 3.500 Wunnengen déi mer all Joer bauen, wäerten et der dëst Joer 2.000 sinn. Den Investisseur as net méi do, wéinst den héijen Zënsen awer och wéinst verschidden politeschen Decisiounen an Projet'en déi géint Investissementer an den Steen schwätzen.

All Mensch ass frou, wëll mer mengen, dass de Promoteur elo mol eng op den Déckel kritt.

Dir Dammen an Hären,

D'Léit, déi eng Wunneng sichen, kréien eng op den Deckel an ganz vill Handwierksbetriber kréien wéi schonn gesoot eng op den Deckel.

Mir brauchen Wunnengen a mir brauchen Investisseuren déi a Wunraum investéieren. De Staat kann net all Wunnéng bauen, déi zu Lëtzebuerg gebraucht gëtt an mir sinn och net sécher, dass eng Regierung déi esouvill iwwer d' Bedeitung vum Logement schwätzt, genuch gemat huet, fir déi Kris an der mer elo sinn ofzewenden.

D'Phobie virum Investisseur ass eng Krankheet déi sech zu Lëtzebuerg gutt entwéckelt an och do wäert herno de Patient een aneren sinn, wéi deen dee mer hoffen.

Dir Dammen an Hären,

E lescht Wuert zum Statut vum Indépendant. Während der Pandemie hunn mer geléiert, dass mer zu Lëtzebuerg kéng Zwouklassesgesellschaft hunn, mais eng Dräiklassesgesellschaft.

Während dem Confinement ass d'Fonction publique am wäitsten Sënn bei vollen Bezich fräigestallt ginn. Eis Mataarbechter kruten 80 Prozent vun hierem Salär am Chômage partiel an den Indépendant, de verbuede krut ze schaffen, krut näischt, ausser de Message mat op de Wee e soll net jéimeren, well schliisslech géif en de Rescht vun der Zäit breed grinsend, mat sengem Ferrari duerch d'Landschaft fueren.

Mir kruten d'Situation zesummen mam Mettelstandsminister Lex Delles fir Dauer vun der Pandemie redresséiert, mais et bleibt de Constat, dass den Indépendant am Kontext Sécurité sociale benodeelegt ass.

Dofir proposéiere mir, dass bei der Sécurité sociale keen Ënnerscheid méi gemat gëtt, ob en Assuré, deen seng Cotisatiounen bezilt en Salarié ass oder een Indépendant.

Dëss Schief flag ze redresséieren wier e wichteg Message un d'Indépendant'en an un déi, déi et wëllen ginn.

An dem Sënn begrësse mer och de Fait, dass déi diesbezüglech Motioun vun der Députéiert Carole Hartmann vun der DP eestëmmeg an der Chamber ugeholl gouf.

Dir Dammen an Hären,

Mir sëtzen all am selwechte Boot, an dat Boot muss schwammen.

Dat ass dat wat d'Handwierk Iech haut den Owend wollt mat op de Wee ginn. Mir wënschen all Kandidaten vill Courage, e klore Bléck op d'Réalitéiten, en oppend Ouer fir d'Problemer vun de Betriber a vun de Léit a virun allem eng gutt Gesondheet.

Ech soen Iech merci.